

Seelenk(r)ampf 2.0

Nora Wagens „Larven“

Sascha Dahm

D’Nora Wagener huet sech mëttlerweil an der Lëtzebuerger Literaturzeen e Numm gemaacht: no sengem Debütroman *Menschenliebe und Vogel*, schrei am Joer 2011, huet hatt 2015 mam Theaterstück *Visions*, mam Erzielband *E.Galaxien* an dem Kannerbuch *D’Glühschwéngchen* aus dem Joer 2016 sech doriwwer eraus och an all de Genre bewisen.

D’Nora Wagener presentéiert seng Villsäitegkeet awer net nëmmen an de Genren, déi hatt bedéngt, mee och an de Wierker déi hat verfaasst, sou och a sengem leschte Wierk, *Larven*, dat bei ‘Hydre éditions’ erauskomm ass. Op 154 Säiten, erzielt d’Nora Wagener a 16 kuerze Geschichten, déi net méi laang wéi 11 a net méi kuerz wéi 5 Säite sinn, d’Liewensgeschichte vu ganz ënnerschiddleche Protagonisten, déi sech alleguer an enger Spiral vum Ech-Zerfall erëmfannen: Ënnerdréckten Ängscht, Fluchtgedanken a Psychosen gi genau esou thematiséiert wéi de Leeschtungsdruck an d’Sich no der grousser Léift als Géigebalance.

De Plot vun den eenzele Geschichten ass séier verständlech, dëst ass natierlech och op d’Kierzt zréckzeféieren; et wier awer falsch heiranner elo e Manktem u schréftstellerschem Kënnen ze gesinn, well d’Geschichte liewe vun deem extrem affalsräiche, metaphoresche Sproochgebrauch vun der Autrice, déi sech e Spaass draus mécht, an all Erzielung deels ofentsichtlech oder deels ganz abstrakt bis absurd Metapheren ze erfannen, déi den emotionale Konflikt vun de Protagonisten mat sech oder hire Matmënschen

perfekt illustréieren: D’Geschicht *Im Herbst eine Liebe* fält am éischte Moment doduerch op, datt se nëmmen aus engem Satz besteet, dee sech iwwer 6 Säiten zitt an a monologëscher Form erzielt gëtt. Des Geschicht kann een als e Konglomerat vun Emotiounen an Ängscht verstoën, déi d’Hauptfigur “stream of consciousness”-ähnlech a scho bal a pamphletescher Form uprangert an dem Lieser däitlech weist, datt si hir Plaz an der Gesellschaft net fonnt huet, mee sech villméi “völlig ungeeignet als Mensch” gesäit.

An der Geschicht *Bis dann, Marianne* gëtt e Student beschriwwen, dee sech ouni wierklecht Zil am Liewe gesäit, dee sech gären “eng nei Existenz bestelle géing”, dem säi Studium en dead end ass, well hien den Ufuerderungen net gewuess ass, an deem seng enzeg Stäip am Liewen d’Marianne ass, e Meedche, wat hie virun e puer Wochen op engem Concert kennegeléiert huet. Dem Student säi psycheschen Zoustand ass duerch de permanente Leeschtungsdruck op der Universitéit extrem ugeschloen, esou staark, datt : “Selbst im Schlaf rennen ihm haarige Stalten hinterher, werfen mit Dokumenten um sich, auf denen geschrieben steht: Jetzt aber hurtig!” Nëmme d’Marianne kann hien aus dem Gehetzt-Sinn eraushuelen, hat ass säin eenzege Fluchtpunkt...

D’Geschicht *Dann hättest du Larven*, ass net nëmme sproochlech äusserst bildhaft ausgeschafft, mee fält duerch déi haut net méi dacks benotzte Brëif-Form op. Eng Duechter schreift am Zäitraum vum 24-31. Oktober all Dag e Brëif (oder en Tagebucheintrag) iwwer de Gesondheitszoustand vun hirem Papp, deem ëmmer méi schlecht gëtt. Si ass elo gezwongen, sech duerch

hire Papp, dee si jorelaang virun hirem Mann als dout erkläert huet, mat hirer verdrängter Vergangenheet ausernee ze setzen an al Wonnen erëm opzerappen. Et weist sech e gestéiert Verhältnis tëscht Papp an Duechter an am gläiche Moment och e schwéieren interne Konflikt, deen d’Protagonistin mat sech selwer ze féieren huet.

Déi verschidde Geschichten erzielen formell an inhaltlech ganz ënnerschiddlech Liewensmomenter, déi sech thematesch deels iwwerschneiden, deels awer ganz vuneneen differenzéieren. Iwwerzege kann d’Wierk engersäits duerch déi ganz staark Metaphorik, déi déi verschidde ‘Seelenstripteasen’ sproochlech ofwiesslungsräich a spannend konturéiert; an anerersäits

duerch déi Mass un thematesche Schwéierpunkten, déi dem Lieser wuel scho bekannt dierfte sinn, sech awer beim Nora Wagener weiderentwéckelt hunn: déi meeschtens jonk Protagonisten, oft an der sougenannter “Generation Y” gebuer, si gezwongen sech an der moderner Welt an där si opgewuess sinn, mat Malaisen ze beschäftegen, déi et scho virun hirer Zäit goufen an awer trotz villen technesche Méiglechkeeten net kënne geléist ginn, oft, well an enger Welt, déi eng onbegrenzt Kommunikatioun 2.0 erméiglecht, grad déi Kommunikatioun net stattfënt. Et bleift festzhalen, datt Larven keng ‘utopesch Léisung’ well ubidden; en Happy-

End ass net envisagéiert an dach huet een, duerch de meeschtens oppene Schluss an dat deels onbeholleft Agéiere vun de Protagonisten eng gewëss Empathie fir se entwéckelt, an hofft, datt si aus hirem Cocoon kënnen ausbriechen an hir Plaz an der Gesellschaft nach wäerte fannen...

D’Buch *Larven* ass bei ‘Hydre éditions’ erauskomm, ass 154 Säite laang a fir de Präis vun 15,00 an all Librairie ze kréien.



Nora Wagener © Hydre



13